PRESSEMATDEELUNG – MÄERZ 2014

éditions guy binsfeld

Nei am Verlag Guy Binsfeld

„MELUSINA“ OP LËTZEBUERGESCH ERZIELT

VUM LEX ROTH, MAT ILLUSTRATIOUNE VUM MARINA HERBER

Viru méi ewéi dausend Joer ass e flotte jonke Grof ënne bei der Uelzecht laanscht de Bësch geridden. Do war et deemools – am Joer 963 – scho grad esou däischter an onheemlech ewéi haut matzen am Gréngewald. Uewen am Clausener Bierg koum en op eng Plaz, fir déi mir och nach haut „de Bock“ soen …

Am Cader vum 1050. Gebuertsdag vun der Stad Lëtzebuerg erzielt de Lex Roth d'Seeche vun der Melusina nei. Déi modern a lieweg Illustratioune vum Marina Herber, enger talentéierter Nowuesskënschtlerin, riichte sech och un e jonke Publique. D'Zeechnungen am Manga-Stil réckelen déi klassesch Legend an en neit Liicht.

Am Sproochendepliant fannt Dir och eng englesch, franséisch a portugisesch Iwwersetzung. E Klassiker am neie Gewand – ideal fir d'Allgemengwëssen opzefrëschen an als Kaddo!

Den Auteur

De Lex Roth, Joergank 1933; Formatioun am Lycée classique zu Dikrech, duerno an der Normalschoul; guff Schoulmeeschter an herno Professer fir Franséisch an Däitsch am Secondaire technique; vun 1980 un als Attaché a Conseiller an der Regierungsverwaltung.

Zënter 1971 setzt hien sech aktiv a besonnesch sozial-praktesch fir déi lëtzebuerger Sprooch an – ënner anerem am Kader vun der Actioun-Lëtzebuergesch. De Lex Roth huet nieft Dausende vu Radios-Emissiounen an Artikele rondrëm d'Lëtzebuergescht ëm déi 50 populär Wierker op Lëtzebuergesch iwwersat (Tintin, Asterix, Walt Disney-Albumen), grad ewéi Fabele vum La Fontaine. Hien ass selwer Auteur vun 200 Nummere „KLACK fir eis Sprooch“ a vu Bicher wéi „d'Milly-Maus an aner Dichtereien“ oder „d'Melusina“ a Prosa, sou wéi vum grousse Gedicht „de Grof Sigfrid an d'Melusina“ als kleng, literaresch Statu' fir d'1050 Joer vum Bestoe vu Lëtzebuerg.

D' Illustratorin

D'Marina Herber gouf 1980 an der Normandie gebuer an ass an enger Kënschtlerfamill opgewuess. No engem BTS am Zeechentrickfilm 2005, schafft si als fräischaffend Zeechnerin a Molerin ënnert dem Numm „Marinazz“. Schnell huet sech hire Stil an d'Richtung Cartoon a Pop Art entwéckelt.

Säit 2011 organiséiert d'Marina regelméisseg Gruppenausstellunge mat jonke Kënschtler aus der Grouss-regioun. Si ass 2013 bei de Jeux de la Francophonie zu Nice gewielt ginn, fir Lëtzebuerg an der Peinture ze representéieren.

MELUSINA
OP LËTZEBUERGESCH ERZIELT
TEXT: LEX ROTH
ILLUSTRATIOUNEN: MARINA HERBER
Mat engem dräisproochegen Dépliant (engl., fr., port.)
40 Säiten, 190 x 267 mm, Gebonnen
Traductiounen: Kulturministère
ISBN 978-2-87954-278-2
20,00 €

Informatiounen, Kontakt a Rezensiounsexemplairen:
Editions Guy Binsfeld, 14, Place du Parc, L - 2313 Luxemburg, Tel.: +352 49 68 68-1, Fax: +352 40 76 09, E-Mail: editions.press@binsfeld.lu, www.editionsguybinsfeld.lu